1-2018-0-2-5358-01 (n°2938)

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depôt: Här Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 24. Abrëll 2019

Débat projets de loi N°7450 et N°7451 ainsi que sur le PSC et le PNR

12

Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten

- notéiert, datt dat Vereenegt Kinnekräich vu Groussbritannien an Nordirland viraussiichtlech am Laf vun dësem Kalennerjoer déi Europäesch Unioun verléisst;
- bedauert, datt duerch de Verloscht vum Vereenegte Kinnekräich déi Europäesch Unioun ee vun hire politesch an ekonomesch bedeitendste Memberstaate verléiert;
- stellt fest, datt déi Europäesch Unioun duerch dësen Austrëtt gläichzäiteg och ee vun hire gréissten Nettobezueler verléiert;

sech bewosst,

- datt duerch dësen – och finanziellen - Verloscht fir déi Europäesch Unioun Drock op déi aner Memberstaaten entsteet, fir déi finanziell Aboussen am EU-Budget méiglechst komplett auszegläichen an hir Contributiounen zum EU-Budget entspriechend ze erhéigen;
- datt och nees méi Drock entsteet, fir nei, sougenannten „eege Ressourcen" fir den EU-Budget ze schafen, also praktesch nei direkt europäesch Steieren anzeféieren, zum Beispill am Beräich vu finanziellen Transaktiounen oder dem Ausstouss vun Zäregasen,

fuerdert d'Regierung op:

- den europäesche Budget nom Austrëtt vum Vereenegte Kinnekräich no ënnen ze korrigéieren;
- de lëtzebuergesche Bäitrag zum EU-Budget net ze erhéijen;
- sech der Aféierung vun neien, eegene Ressource fir d'Europäesch Unioun strikt ze widdersetzen, besonnesch och a Form vun z.B. enger Finanztransaktiounssteier, enger Kuelendioxid-Steier oder Steieren, déi d'Mobilitéit vun de Bierger betreffen.

Fernand Kartheiser

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique